



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5704 vum 8. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

1. Geet d'Madamm Ministesch dervun aus, datt deen neien Impfstoff vir verschidden „Impfskeptiker“ eng Aart Alternativ zu de bisheregen Impfstoffer duerstelle wäert a si sech dofir mat Novavax impfe loosse wäerten?

Verschidden Leit refuséieren effektiv sech mat engem mRNA-Impfstoff impfen ze lossen an waarden dorop datt den Impfstoff vun Novavax disponibel gëtt well sie mengen datt sie et do mat engem sougenannten „Totimpfstoff“ ze dinn hunn.

Wéi schonn an der Äntwert op déi urgent parlamentaresch Fro 5417 erkläert, ass déi Notioun vun „Totimpfstoff“ déi allgemeng bei villen Leit gëllt, awer net ganz korrekt.

Et ginn generell zwou grouss Kategorien un Impfstoffer: déi lieweg ofgeschwächten Impfstoffer (Vaccins vivants atténués) an déi inaktivéiert Impfstoffer, déi oft och als „Totimpfstoff“ bezeechent ginn.

En liewegen ofgeschwächten Impfstoff enthält eng lieweg Versioun, mee staark ofgeschwächten Versioun vum Virus oder eng ganz ähnlech Versioun. Dëst ass z.B. den Fall vun den ROR Impfstoff (rougeole-oreillons-rubéole), dem Impfstoff géint Waasserpouken an dem Impfstoff géint Zona. Dës Impfstoffer eegenen sech net fir Leit mat engem ofgeschwächten Immunsystem.

Déi inaktivéiert Impfstoffer beinhalten iwwerdeems entweder:

- En Undeel un infektuösem Agent: dëst ass den Fall vun den Impfstoffer géint Hépatite B, Tetanos an dem Impfstoff vun Nuvaxovid vun Novavax;
- Entweder den ganzen infektuösem Agent deen inaktivéiert ginn ass: dëst ass den Fall vum Impfstoff géint den bloen Houscht oder den Impfstoff VLA2001 vun Valveva;
- En ganz kléngen Undeel vum Virus ënnert der Forme vun Protein oder Nukleinseier: dës ass den Fall vun dem Impfstoffer vun BioNTech/Pfizer, Moderna, Vaxzevria an Janssen. Dës Impfstoffer géint den Covid-19 enthaalen also keen Virus deen sech reproduzéieren kéint an kënnen soumat alleguerten als „Totimpfstoffer“ considéiert ginn.

Eng Partie Leit rassuréiert et effektiv mat engem „inaktivéierten Impfstoff“ geimpft ze ginn deen just en Undeel un infektuösem Agent beinhaltet. Deemno bleift ze hoffen datt dës Leit déi sech bis elo nach net impfen gelooss hunn, effektiv elo op d'Impfung zeréckgräifen wäerten.

2. Wéi gesäit am Moment d'Reserv un „alen“ Impfstoffer aus? Wéi vill Impfdose si bestallt?

	Reserve op den 02/03/2022 (Impfdosen)	Impfdose déi nach 2022 geliwwert ginn	Impfdose déi nach 2023 geliwwert ginn
Comirnaty pédiatrique (Pfizer)	23550	30.000	
Comirnaty adulte (Pfizer)	167472	571.112	633.621
Spikevax (Moderna)	66330	565.206	
Vaccin Janssen	31.870	0	
Vaxzevria (Astra Zeneca)	4.700	0	
Nuvaxovid (Novavax)	10800	87.000	
Valveva	0	10.000	



3. Wéi gesäit et mat de Verfallsdate vun den Impfdosen aus, déi Lëtzebuerg am Ablack nach huet? Wat geschitt mat deenen iwwerschëssegen Impfdosen?

D'Verfallsdate vun den aktuellen Reserven gesinn folgendermossen aus:

	Reserve op den 02/03/2022 (Impfdose)	Lousnummer	Verfallsdatum
Comirnaty pédiatrique (Pfizer)	23550	3	30/06/2022
			30/07/2022
			31/07/2022
Comirnaty adulte (Pfizer)	167472	8	31/07/2022
			31/07/2022
			31/07/2022
			31/07/2022
			31/07/2022
			31/07/2022
			01/08/2022
Spikevax (Moderna)	66330	11	01/07/2022
			03/07/2022
			22/07/2022
			30/07/2022
			20/08/2022
			27/08/2022
			27/08/2022
			04/09/2020
			09/09/2022
			10/09/2022
22/09/2022			
Vaccin Janssen	31.870	3	01/06/2022
			01/06/2022
			31/07/2022
Vaxzevria (Astra Zeneca)	4.700	1	30/04/2022
Nuvaxovid (Novavax)	10800	1	31/07/2022
Valvena	0		/

Am Fall vun iwwerschëssegen Impfdosen, ass et méiglech dës un Drëttstater ze spenden. Wann keen Land interesséiert ass, mussen d'Impfdosen zerstéiert ginn.



4. Ass dru geduecht, fir de Leit an Zukunft d'Méiglechkeet ze ginn, den Impfstoff selwer ze wielen, bzw hinnen de Choix ze ginn tëscht engem „alen“ an deem neien Impfstoff?

Aktuell, kënnen déi Leit déi fir eng Primo-Vaccination an en Impfzenter kommen, effektiv wielen ob sie mat engem mRNA-Impfstoff wëllen geimpft ginn oder mam Nuvaxovid vun Novavax. Dëst ass allerdéngs just méiglech fir Leit déi bis elo nach net geimpft sinn. Et ass nëmme méiglech den Nuvaxovid als Booster-Impfung ze kréien oder als zweet Dosis wann een schwéier Niewewierkungen op eng éischt Impfung mat engem aneren Impfstoff hat. Den Nuvaxovid ass aktuell och just an den Impfzentren disponibel.

Lëtzebuerg, den 3. März 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert